N°1072
Entrée le 21.08.2024
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires étrangères
et européennes, de la Défense, de la
Coopération et du Commerce extérieur

**Äntwert vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel Xavier BETTEL op d'parlamentaresch Fro n° 1072 vum 30. Juli 2024 vum honorabelen Deputéierten Marc GOERGEN.**

**Wat wären d'Implikatiounen fir d'NATO, am Fall wou d'Tierkei géif militäresch an Israel intervenéieren?**

**Wat wären d'Implikatiounen fir d'NATO, am Fall wou Israel géif den tierkeschen Territoire attackéieren?**

**Wéi positionnéiert sech déi lëtzebuergesch Regierung an dësem Konflik tëschent der Türkei an Israel?**

**Wéi ka verhënnert ginn, dass d'Türkei am Fall vun enger militärescher Interventioun op Informatiounen oder Ressourcë vun der NATO zeréckgräift?**

Den Ausseministère gesäit an der aktueller Situatioun keen Intérêt fir ze spekuléieren iwwer méiglech Konsequenze vun Aussoen, op déi den Honorabelen Deputéierte Referenz mécht. Déi Lëtzebuerger Regierung setzt sech weiderhi fir e Cessez-le-feu a Gaza an, an der Iwwerzeegung, dass dëst och zu enger Reduzéierung vun de regionale Spannunge féiere wäert.

Lëtzebuerg, den 21. August 2024

De Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel

(s.) Xavier Bettel